

déi *K*onservativ

Méi Demokratie a Fräiheet fir Lëtzebuerg.

CHAMBERWAHLMANIFEST 2018



Websäit: www.deikonservativ.lu | E-Mail: info@deikonservativ.lu | Telefonsnr. : 661 91 07 17

Parteiadress: 3 op de Gehren, L-4888 Lamadelaine

Bankverbindung: **BCEE LULL LU95 0019 4955 7294 5000**

Dir wëllt d'Chamberwahlmanifest vun déi Konservativ? Kontaktéiert eis!

*Dir wëllt eis e léiwen **Don** an Ärem perséinleche Numm maachen? En härerzege Merci!*

E Virwuert vum Nationalpresident

Léif Lëtzebuerger Natioun,



Vereent an der Partei déi Konservativ, getrei der Burke'scher Philosophie, ënnert de Leetlinne vum biergerleche Konservatismus, gesondem Patriotismus, a gelieftem Fräiheetsgrondsaz, triede mir als fräimiddeg an idealisteschen Bierger aus dem Vollek, mä och als demokrateschen Politiker, mat grousser Léift fir d'Land, an de politeschen Déngscht fir eist Lëtzebuerg.

Eist Häerz schléit fir eis Heemecht, eist Vollek, eis kulturell Ierfschaft, eis Identitéit a Souveränitéit, a fir all déi gutt Errongenschaften an Evolutiounen, als eng kleng, mä dapper, an houfreg Natioun. Mir hunn eis mat eisem Häerz, fir Lëtzebuerg verschriwwen, am gudde Wëssen ëm eis politeschen Aufgab a

Verantwortung, déi mir fir eist Land an eis Landsleit droen.

D'Partei déi Konservativ, vertritt mat hirem Chamberwahlmanifest fir d'Parlamentswahlen 2018, eng ganz Rei politeschen Programmpunkten am Interessi fir Lëtzebuerg. Et ass eng wichteg politeschen Grondlag op déi eis Partei, nieft hire Statuten an hirem Grondsazprogramm, gebaut ass, an déi Iech weist, fir wéi eng politeschen a gesellschaftlechen Idealer, Prinzipien a Konzepter, eis Partei op nationalem Plang steet.

Dir wíelt de 14. Oktober, äert Lëtzebuerg! Wíelt och dir konservativ! Mir sinn d'Partei géint de Stroum, géint den Aalparteientraditionalismus, a géint de politeschen Mainstream. Mat eis gëtt et e politeschen Wiessel, net just vu Käpp, mä vun Iddien a Visiounen! Mir sinn d'Partei mam Volleksmutter! 😊

“The people never give up their liberties but under some delusion.”

– Edmund Burke

« E Vollek gëtt nimools seng Fräiheet op, ausser ënner muenchen Täuschung. »

äre Nationalpresident a Spëtzekandidat,

Joe Thein

Inhaltsverzeichnis

Kapitel I.

Identitéitspolitik, Integratioun & Sprooch

Kapitel II.

Lëtzebuenger Kultur & Ierfschaft

Kapitel III.

Immigratioun & Asyl

Kapitel IV.

Bannepolitik & Sécherheet

Kapitel V.

Aussepolitik & National Souveränitéit

Kapitel VI.

Transport & Populatiounswuësstem

Kapitel VII.

Déiereschutz & Ëmwelt

Kapitel VIII.

Fräiheet & Demokratie

Kapitel VIII.

Schoulpolitik


Kapitel X.

Gesellschaft & Familjewiesen

déi Konservativ

E staarke Lëtzebuenger Nationalstaat. 

Méi Basisdemokratie a Referenden. 

Modell Europa vun de Natiounen. 

Mat Häerz fir d'Lëtzebuenger Sprooch. 


E gudden, demokratesche Rechtsstaat. 

D'Fräiheet vun Mënsch stäerken. 


Houfert fir eis patriotesch Geschicht. 

Prioritéit: gesond Staatsfinanzen. 


Famill am Gesellschaftsmëttelpunkt. 

Respekt fir Mënsch, Liewen a Natur. 

Recht op Eegentum, Kapital an Aarbecht. 

Eng fräiheetlech a sozial Ekonomie. 

Sozialgerecht Liewensagronnlagen. 

E geliefte Wäertekodex. 

Sécherheet op Maximumlevel. 

100% Integratioun amplaz Multikultl. 

Brems am Populatiounswuesstem. 

Futuristescht Transportkonzept: de Monorail. 

www.déikonservativ.lu | info@déikonservativ.lu | 661 91 07 17

3, op de Gehren, L-4888 Lamadelaine

Zukunft Lëtzebuerg



Mat ronn 48% Auslänner, quasi d'Halschent vun der Populatioun, aus ronn 170 ganz verschiddenen Härelänner, ass Lëtzebuerg eng vun de klengsten, europäesche Natiounen, mat där gréisster Unzuel un Auslänner. De Migratiounssaldo zielt hei notamment d'Portugisen, d'Fransousen, d'Italiener, d'Belge an déi Däitsch, als déi gréissten Auslännercommunitäten am Land. Och déi 180.000 auslännesch Frontalier'en aus dem Grenzgebitt, souwéi déi statistesch erfaassten 2000 Asylfroen d'Joer, sinn e gesellschaftlechen a politesche Facteur, mat dem ee rechne muss. Leschte Studie vum Statec no, stellt een iwwerdeems och fest, datt de Bevëlkerungswuesstem zu Lëtzebuerg, konstant an d'Luucht geet - eleng 11.340 nei Awunner d'lescht Joer, goufen am Populationsregëster vun de Gemengen am Grand-Duché registréiert. D'Lëtzebuerg vun haut, dat si méi wéi 600.000 Awunner op 2.586,4 km² Landesterritoire.


Do donieft, ass d'Gebuerterat beim Lëtzebuenger an tendenzieller Regressioun: Am Duerchschnëtt läit eng Lëtzebuenger Famill bei grad emol 1,5 Kanner, während d'auslännesch Communitäten, bei wäit méi Familljenowuess leien, an domat reell a prozentual, déi gréisste Gebuertenzuel schreiwen. An den Ae vun eiser Partei, ass et wichteg, datt de Lëtzebuenger als Majoritéitscommunität an als Vollekssouverän am Land, geséichert bleift. Dës aussergewöhnlech, demographesch Tatsaach, erfuerdert dowéinst och, e besonnesch wichtigen Ëmgang mat eiser Identitéitspolitik, der Lëtzebuenger Sprooch, eisem Nationalcharakter an der Herculesaufgab Integratioun.

Déi Konservativ erkennen d'Realiteit un, datt virun allem am Hibréck op de Wirtschafts- a Finanzstanduert Lëtzebuerg, d'Land op auslännesch Fachkraaft a Kompetenz mat ugewisen ass, an datt d'Mataarbecht aus aller Welt, och fir eist Land, nei Chancen a Méiglechkeete schafft. Och d'Dimensioun vun der Flüchtlingskris, erfuerdert international Solidariteit, och vu nationaler Säit aus Lëtzebuerg. Grad an Zäite vun engem Europa vu politeschen, identitären, sozialen, a finanzielle Krisen a Konflikter, ass et vun immenser Wichtigkeet a Noutwennegkeet, de soziale Fridden an déi sozial Kohesioun bei eis heiheem, lieweg a gesond ze halen.

D'Perspektiv gëllt awer och, ëmgedréint: Déi Konservativ si genee sou fest iwwerzeegt, datt Lëtzebuerg e souveränt Land, mat enger eegener an eenzegaarteger lëtzebuergescher Identiteit ass, déi mir héich an helleg hale mussen. Et erkläert sech also vum selwen, datt Lëtzebuerg, e Land mat engem eegene Sigel ass, an och selbstverständlech, Här a Meeschter bleiwe muss! A Jidderee weess, datt d'Land och eng Plaz ass, wou och auslännesch Communautéiten matliewen a matwierken. Mir bidden dese Leit nämlech d'Chance, op eng schéin Zukunftsperspektiv bei eis: virun allem op Aarbecht, Brout, e soziaalt Akommes, en Daach iwwert dem Kapp, eng Liewensqualität, a Sécherheet. Dat sinn och alles Grënn, firwat Lëtzebuerg fir si, esou interessant ass.

Als Partei sti deemno, fir eng Immigratioun op Basis vun enger aktiver, a vollwärtiger Integratioun, engem Migratiounssystem mat Vernunft, Kontroll, a Limitten, an ëmmer am Respekt zu eiser Lëtzebuerger Identiteit, eisem kulturelle Wäerteverständnis, eisem demokratesche Rechtsstaat, an eisen eegene, politesche Spillregelen! De Prinzip, ass fir eis deen, vum nationalen a patriotesche Leetgedanken. Mir trieden an enger traditioneller, souveräner, a verantwortungsvoller Aart a Weis, fir eis Identiteit, eis Kultur, eis Eegestaatlechkeet an eise Wäertekodex an. Eis Politikdevise muss dowéinst sinn: Eist Lëtzebuerg, ass eis éischt Prioriteit!

Mir sinn der Iwwerzeegung trei, datt Multikultigesellschaften, ouni eng vollwärtig Integratioun, an ouni Respekt fir d'national Leetkultur, de falsche politesche Prinzip vu Gesellschaftsliewen ass. An eisen Aen, läit de Charme, d'Schéinheet an de Rächtem am internationale Kulturrespekt – souwéi am Jo-Wuert fir d'Existenzrecht an den Erhalt vun alle Nationen a Kulturen op der Welt. Dese Prinzip steet am Géigesaz zur Ideologie vu Multikulti mam Prinzip vum Potpourri.



Kapitel I. |

Identitéitspolitik, Integratioun & Sprooch



☞ D'Lëtzebuerger Sprooch muss als **ieweschst Nationalsprooch**, an als eis Mammesprooch, dat heescht, als Sprooch vu Lëtzebuerg an de Lëtzebuerger, offiziell an der Lëtzebuerger Verfassung verankert ginn. Als een elementare Bestanddeel vun eiser Lëtzebuerger Identitéit, ass de **Verfassungsrang fir eis Sprooch** onverzichtbar. D'Lëtzebuerger Sprooch kritt esou, nieft eisen administrativen Amtssproochen, den éierbare Stellewäert, déi se verdéngt.

☞ D'Lëtzebuerger Sprooch ass zugläich och, d'**Integratiounsinstrument** fir Ausländer, fir sech mat eiser Identitéit ze familiariséieren, an hir Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft ze vollzéien. Jidder Mënsch muss verpflichtet ginn, d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren an e positiven Integratiounsnoweis z'erbréngen. Et soll hefir, als Ulafstell, e **nationalen Integratiounszentrum** mam Beruff vu geschoulten Integratiounsbeoptragte geschaaft ginn, déi sech zesumme mam Integratiounsministär, explizit ëm den Aufgabeberäich vun der Integratioun bekëmmern, an dobäi enk a vernetzt, mat de Gemengen am Land schaffen a wierken. Och d'Gemengen sollen all hei mat maachen, andeems si am Kader vum « *Contract d'Accueil et de l'Intégration* » **gratis Lëtzebuergeschcoursen** ubidden.

☞ De **Status vun eiser Sprooch** muss revaloriséiert, gefleegt, a gefërdert ginn, an engem Mooss, wou si am Alldag, awer och an der Beruffswelt, eng omnipräsent an dominant Roll spillt. Esou muss d'Lëtzebuerger Sprooch am ëffentleche Secteur, souwuel bei Staat, Gemengen, Justizwiesen, Gesondheets- a Medezinsberäich

souwéi an der Altersfleeg, eng **Obligatioun a Konditioun** sinn, ewéi och eng staark Präsenz an der Privatwirtschaft weisen. Esou fuerdert eis Partei e Mentalitéitswiessel mat konsequenter Ëmsetzung vu **méi Lëtzebuergesch am Land**: Fir de Verwaltungsapparat vum Staat, heescht dat, datt wichteg Dokumenter, d'Verfassung, d'Steiererklärung, d'Vollekszielung, de Wahlziedel, Informatiounsbroschüren, Formularen, offiziell Schreiwessen, Internetsäiten, Gemengerotssätzungen asw., prioritär a Lëtzebuenger Sprooch sinn. Doriwwer eraus, soll d'Sprooch eng staark Fërderung am deegleche Commerce an an a Beruffspraxis erliewen. Heizou zielt och, d'Optioun vum **staatlech finanzéierte Sproochecongé**, deen een exklusiv fir d'Erléiere vun der Sprooch, ze gutt steet. Um Enn soll eng **Subventioun als Belounung** fir Betriber mat Sproochengagement stoen.

☞ Och d'**Verlëtzebuergesche vun de Gemengen** am Land, gehéiert zum Erhalt vun eise Nationalcharakter. Eis Partei fuerdert an enger éischer Linn, um Terrain aktiv ze ginn, an entsprechend Initiativen an d'Weeër ze leeden, fir d'Nimm vun Uertschaften, Stroosse, Plazen, Gebaiinschrëften, Informatiounsschëlter asw., an d'Lëtzebuergesch ëm ze deefen. Déi wichtegst Ulafstellen, souwéi de Lëtzebuenger Numm vu senger Gemeng ze kennen, ass fir all Ausländer, dach dat éischt Bekenntnes, sou ze soen, een éische Schrëtt, fir en zukënftegt Liewen hei am Land.

☞ **D'Fërderung, d'Aktualiséierung an d'Entwécklung** vun eiser Sprooch sinn essentiell fir hiert Liewen. Esou spillen e.a., de Kulturministär, de Rot fir d'Lëtzebuenger Sprooch, d'groussherzoglecht Institut, dat nationaalt Institut vun de Sproochen, d'Uni Lëtzebuerg, d'nationaalt Literaturzentrum, d'Lëtzebuenger Nationalbibliothék, d'Asbl Moien- Eng Bréck fir eis Sprooch, an dat geplangt Zentrum fir d'Lëtzebuenger Sprooch, eng wichteg Roll. Nieft dësen Institutiounen, spillt och d'Veräinswiesen, lokalpolitesch Instanzen, Initiativen ewéi d'Spellchecker App an de Lëtzebuenger Online Dictionnaire, d'Auteuren an d'Verlagswiesen, d'Museker an d'Regisseuren, mä haaptsächlech och d'Medien, de Radio an d'Televisioun, eng zentral Roll an der Sproocheverméttlung. Eis Partei wëll all dës an aner Acteuren, an de Prozess mat abannen, gestärkt fërderen a vernetzen, fir all déi fortschrëttlech Aarbecht an individuell Baitreeg fir d'Sprooch, op dësem Gebitt ze belounen.

☞ De **Verdénsgsch fir d'Lëtzebuenger Nationalitéit** soll um Prozess vum der Integratioun stoen. Et muss de Noweis vun enger, de Spillregele no, gelongener Integratioun erbruecht ginn, a sech och just ze verdénge sinn, wien

Integratiounswëllen an Integratiounsfäegkeet, souwéi déif Loyalitéit zu Lëtzebuerg beweist. Dëst heescht am Kloertext: En definéierte Niveau vu Sproochekenntnis, Geschichtswëssen, Allgemengbildung iwwert d'Land, eng noweislech Residenzzäit zu Lëtzebuerg an eng erfollegräich, afgeschlossene Participatioun um Integratiounscours. Hei sinn e.a, erfuerdert Niveauen am Sproocheverständnis an a mëndlecher Kommunikatioun wichteg, déi per Examen an engem Examenssall, zur Prouf gestallt ginn. Geméis der Définitiou vum der nationaler Staatszougehéieregkeet, ass ee Lëtzebuerger, wann een d'Lëtzebuerger Nationalitéit huet. Mir sti mir fir de souveräne Prinzip vum « *droit du sol* », dat heescht, geméis der aktueller Legislatioun, dem « *droit du sol de la 2^{ème} generation* » (= zu Lëtzebuerg gebuer mat Lëtzebuerger Elterendeel) an der Unerkennung vum « *droit du sol de la 1^{ère} generation* » fir Ausländer (an der Versioun vun 18 Joer Residenz zu Lëtzebuerg a lëtzebuergesch Sproochverméigen). Iwwerdeems gëtt eng eng Serie vun aneren Zeenarien an Optiounen, fir den Erwerb vun eiser Lëtzebuerger Nationalitéit: Hei wëlle mir, méi strikt Konditiounen a Modifikatiounen un der Gesetzeslag.

☞ Eng **vollwäerteg Integratioun** fonctionnéiert d'office an effikass, iwwert de Wee vun institutioneller, kultureller, a linguistescher Assimiléierung a Bildung. Un d'Integratioun gekoppelt, si Rechter a Flichten, wéi z.B d'Nationalwahlrecht oder d'Bezuele vun de Steieren. De Referendum vun 2015 schwätzt Kloertext fir dese Staatsprinzip: d'Wahlrecht fir d'Ausländer, gouf ma ronn 80% ofgeleent. Mir wëlle keng Phänomener ewéi Parallelgesellschaften, Segregatioun, oder e Gesellschaftsliewe mat Kommunikatiounsbarriären – dëst soll net d'Alldagsbild zu Lëtzebuerg sinn. Leit déi weder Lëtzebuergesch schwätzen, nach e Wuert verstinn, si keng Form vu gesellschaftlecher Integratioun. Och eng **Nulltoleranz géintiwwer Extremfäll** vun Integratiounsverweigerung ass eng Noutwennegkeet fir de gudden a gesonde Fonctionnement vun der Integratiounspolitik. Hei muss mat strenge Konsequenze gerechent ginn, e.a d'Net-Verlängerung vun der Openthaltserlaabnis, d'Sträiche vu Sozialleeschungen, oder d'Reckféierung an d'Hierkonftslänner.

☞ Am Schoulwiese muss eiser Sprooch, endlech Rechnung gedroe ginn. Esou féiere mir als Partei, **d'Schoulfach Lëtzebuergesch** an alle Schoulzykle vu Grondschool a Lycée an, e Pflicht-Unterrecht, dee permanent, equivalent, professionell, a vollwäerteg zu deenen anere Sproochefächer ass. Dëse soll de Kanner, eng linguistesche Wëssensverméttelung mat op de Wee ginn – se sollen d'Sprooch mëndlech-kommunikativ, a schrëftlech-grammatisch, léieren. Och de Geschichtsunterrecht an d'Biergerkond, sollen op Lëtzebuergesch ënnerriicht ginn.

☞ Souwuel an de Schoulen, wéi och a Saache Kannerbetreierung (wéi z.B *Precoce, Crèchen, Maison Relais'en* asw.) muss Lëtzebuergesch déi **primär Ëmgangssprooch** sinn. Auslännesch Schoulkanner, déi nach kee Lëtzebuergesch kënnen, sollen dëst an engem unerkanntem **Integratiounsschouljoer** an Empfangsklasse léieren, déi si op de Schoulsystem vir bereeden, éier si an de reguläre Schoulzyklus ageschoult ginn. Och d'Léiere vun der Nationalhymn „*Ons Heemecht*“ an anere gesellschaftleche Vollekslieder, soll een Deel vum pädagogesche Schoulprogramm sinn, fir e gesond a patriotescht Nationalbewosstsinn vun eise Kanner a Jugendlechen.



Kapitel II. | Lëtzebuerger Kultur & Ierfschaft



☞ Eng wichteg Aufgab vu Staat a Politik, ass de **Schutz an Erhalt vum nationale Kulturiewen**. National Baudenkmäler a Kulturpatrimoine wéi d'Festung Lëtzebuerg, eis Buergen a Schlässer, d'Commémoratiounsmonumenten, d'Grafstied vun historesche Perséinlechkeeten, eis Kierchen, Infrastrukture vu wäertvoller Bausubstanz, den Train 1900, historesch Reliquien an antik Ausgruewungsplazen, d'Ierfschaft aus der Kelten- a Réimerzäit, Naturplaze wéi z.B de Mëllerdall asw.,

gehéieren dofir ënnert en éierbaren Kultur- an Denkmolschutz. Eis patriotesch Kulturpolitik steet ganz am Zeeche vum Lëtzebuerger Nationalwiesen.

✂ Eis Partei setzt sech fir eng systematesch Erfuerschung, Fleeg souwéi fir d'Restaurierung, d'Renovierung an den Ausbau vum nationale Kulturgutt an eise kulturelle Ressourcen an. Och d'Verschéinerung vun den Uertschaften am Land, d'Abannung vu genee dësem historesche Kulturierwen an d'Liewensëmfeld, ass immens wichteg. Eis Partei setzt iwwerdeems, op méi eng effektiv, intensiv an informativ **ëffentlech Vermaartung vum Kulturwiesen- a liewen**, souwéi fir d'Förderung vun touristesche Konzepter, getrei der Feierwon-Stroph « *Kommt dir aus Frankräich, Belgie, Preisen, mir wëllen Iech ons Heemecht weisen* ». Lëtzebuerg soll als e klengt Land mat enger räicher Geschicht, an als eng léif Kulturmetropol, wouer geholl ginn. Hei spille besonnesch d'Kulturinstituter, d'Muséeën, d'Nationalarchiv an d'Interesseveräiner, eng essentiell Roll fir d'Lëtzebuerger Geschicht, mä awer och d'Hoteller an d'national Fluchgesellschaften am Hibléck op attraktiv Kulturofferen am Tourismus.

✂ D'Partei gesäit och am Weiderliewe vu **Bräich, Traditiounen a Legenden**, wichteg Komponente vun der Kulturexistenz. Mat geziilter Ënnerstëtzung a Beliewung, wëlle mir hei eisem Land en Déngscht erweisen, fir datt keng Traditiounen ausstierwen oder an de Vergiess geroden. Esou musse reliéis a national Feierdeeg a Gewunnechten, z.B Liichtmëssdag, d'Sprangprëssessioun, den Dag vun der Aarbecht, oder och d'Kiermes am Duerf, historesch verwuerzelt Traditiounen, oder eis Staatsform d'Monarchie, voll a ganz als Deel vun eiser Lëtzebuerger Kultur a Geschicht erhale bleiwen. Eist **Staatsverständnis als konstitutionell-parlamentaresch Monarchie**, Lëtzebuerg als dat lescht Groussherzogtum op der Welt, an als eng vun de leschte Monarchie'en, gekoppelt un de liberale Rechtsstaat an d'Demokratie, gëtt eisem Land e wäertvollen, identitëtsstëftenden, politeschen an historesche Rang. D'Land soll och net vu senger chrëschtlech-kathoulescher Prägung, komplett kulturell entwuerzelt ginn. An dem Sënn, ass d'Partei och géint d'Expropriatioun oder d'Enteignung vun de Kierchefabricken, déi am Kulturbesëtz vun de Gemenge bleiwe sollen, an hire classeschen Aspekt behalen. Mir wëlle keng DDR-Buedemreform 2.0. D'Partei steet awer fir eng **nei Relatioun vu Kierch a Staat**, dat heescht, d'Recht op déi fräi a finanziell Selbstbestëmmung vun all eise Bierger an hirer Reliounsfräiheet. Et soll Jiddereen op senger Steiererklärung selwer iwwert säi Su decidéieren. Domat gi mir de Wee an eng nei Eegefinanzierung vun eise Kierchen.

☞ Och d'Generatiounegeschicht an de **Nolass am Kulturliewen**, den haitege Kulturbestand vun allerlee Komponisten, Schrëftsteller, Kënschtler aus der Kulturzeen, ass e wäertvolle Bäitrag, fir d'Identitéit a d'Mark Lëtzebuerg. Als Partei garantéiere mir alle Kulturschaffenden, Fräiheet an Onofhängegkeet, eng ugemosse staatlech Subventioun an e Patentschutz op intellektuellem Eegentum. Et soll eng gestärkt Fërderung an Ënnerstëtzung ginn fir; lokal a regional Museksfestivallen a Concerten, Theateropféierungen, Graffitikonscht, Lëtzebuerger Filmproduktiounen a Co-Produktiounen, d'Participatioun un internationale Musek- a Filmconcoursen, d'Schafung vum Lëtzebuerger Kannerfernseh, méi kulturell Vermaartung (z.B *Sponsoring a Publicitéit*), Danz, Konscht, Molerei, Schrëftstellerei a Kachkonscht. Eis Partei leet grouse Wäert drop, datt Jiddereen vum Kulturliewe profitéiert, a fuerdert dofir, d' Aféierung vun engem staatleche Kulturpass wou d'Jugend, d'Rentner, behënnert Matbierger, sozial schwach Leit, a Famillje mat Geréngverdéngscht, vu méi präisgënschtege Kulturoffere profitéieren, esou, datt all Gesellschaftsschicht e kulturellen Accès huet. Mir wëllen allgemeng, den **Interessi, de Spaass, an d'Offer vum Kulturliewen** a gläichermoossen, d'Fräizäitgestaltung grouss schreiwen. Dozou gehéiert och, eng aktiv Sich no neien Talenter a Kulturbäitreeg an alle Beräicher. D'Rockhal, d'Kulturfabrik, d'Philharmonie, de groussen Theater vun der Stad Lëtzebuerg, d'Rotonden, d'Jugendhaiser asw., sinn ideal Plaze fir all Stil vu Kulturprogramm.



Kapitel III. | Immigratioun & Asyl



☞ Eis Partei fuerdert en **Awanderungskontingent**, deen d'Migratioun op Lëtzebuerg kloer regelt, d'Integratiounsfäegkeet respektéiert, an d'Lëtzebuerger als Majoritéitscommunautéit séchert. Esou gëtt an engems och, den Ënnerscheid tëscht dem Flüchtlingsstatut an dem Awanderungsstatut méi verständlech. Allgemeng heescht dat och, datt eng Verbesserung vun de migratiounspolitesche Prozeduren a méi eng ëmfangräich Kontroll an d'Weeër geleet gi muss.

☞ Fir de **Flüchtlingsstatut** heescht dat: All Mënsch, dee geméis der Genfer Flüchtlingskonventioun als Konventiounsflüchtling zielt, dat heescht, wie wéinst senger Rass, Relioun, Nationalitéit, sengem politesche Weltbild, oder senger Zougehéieregkeet zu enger sozialer Grupp, diskriminéiert, verfollegt oder mam Doud bedréit ass. Et soll keng Flüchtlingsquot oder e Verdeelungsschlëssel, mä déi **souverän Entscheidung vu Lëtzebuerg** (*a sengen autonome Gemenge*) sinn, souwéi am Respekt zum Dublin Ofkommen, eng eegen definéiert Héchstgrenz fest ze leeën, d'Prioritéiten ze setzen, a fir d'Asyldemande zoustänneg ze sinn, esou och, a wéi engem Mooss, ausserhalb vun der Konventioun, aner Mënsche mat Fluchtgrënn wéi z.B Krich, Ëmweltkatastrophen, Wirtschaftssituatiounen akzeptéiert ginn. Fir dës genannten Ursaachen, gëtt et keng Asyllegitimitéit no gëltegem Recht. Hei soll am Virfeld mat den Ambassaden, eng **lwuerpräiwung vum Asylrecht an Identitéitsnoweis** stattfannen, an d'éischt, d'Zouflucht an d'Hierkonftsregioun, also d'Sécher-Drëttstaateregelung, applizéiert ginn. Den Asylstatus fir Mënschen aus de Balkanstaaten ass opzehiewen – dës Mënsche si net méi per se, als Flüchtling ze consideréieren (*mä als Migranten*). All Mënsch mat unerkanntem Flüchtlingsstatut soll internationale Schutz garantéiert sinn. Kee Recht op Asyl, heescht och keng Arees- an Openthalterlaabnis am Land, a kee Urecht op Sozialleeschungen. An dësem ganze Kader muss och d'Argentur Frontex op den europäesche Grenzen, eng elementar a gestärkte Roll an der Bekämpfung vun Asylillegitimitéit, a géint d'Schlepperbandenindustrie zougewise ginn.

☞ Asyl ass net direkt un d'Integratioun gekoppelt, wéi se fir d'legal Awanderung gëllt, well dëst, een **zäitbedéngte Schutz mat Réckféierung** an d'Heemechtsland ass, spéitstens dann, wann de Fluchtgrond entfält. Fir datt de System vum Asyl, éierlech, fair an zu 100%, de legale Flüchtlinge garantéiert bleift, muss eng méi **restriktiv a konsequent Asylpolitik** an d'Weeër geleet ginn, déi den Asylnëssbrauch, d'Asylillegitimitéit an den Asyltourismus, ënnerbënnt a riguréis bekämpft. Dës Approche muss och verstärkt fir Wirtschaftsflucht an ekonomesch Fluchtursaache gëllen. Wie während senger Asylprozedur kriminell gëtt oder illegalen Aktivitéite noheet, muss mam direkten Entzuch an dem Verfall vun der

Openthaltserlaubnis zu Lëtzebuerg rechnen. D'Problemer an d'Konsequenzen duerch eng ze liberal Immigratiounspolitik, d'Befierwuerdung vu Massenimmigratioun an den Import vu sozio-kulturelle Konflikter weisen, datt e neit politescht Asylverständnis wichteg ass.

☞ Fir de **Migrantestatut** heescht dat: All Mënsch, deen eng legal Awanderung op Lëtzebuerg vollzitt, fir sech hei permanent néier ze loossen, an domat als Migrant mat dauerhaftem Bleiwerecht zielt, muss sech dem **integralen Integratiounsprozess** verschreiwen. Dës bis dato friem Persoun, gëllt als potentiell neie Matbierger vum Land, a muss dowéinst, och vollwäerteg an d'Lëtzebuerger Gesellschaft integréiert ginn. D'Integratioun ass e wichtege Schrëtt fir sech selwer, d'Liewen an engem frieme Land, an am Respekt fir d'Natioun an d'Gesellschaft, déi ee wëllkomm heescht. Vill Ausländer, liewe gutt integréiert, rechtstrei, an als geschate Bierger an eiser Gesellschaft. Et gi wonnerbar Beispiller, vu gudder Integratioun. An dofir däerf et fir nei Ausländergeneratiounen, keng Ausnahm vum de Spillregele ginn. D'illegal Immigratioun muss konsequent ënnerbonnen a bekämpft ginn.

☞ De Budget an d'Finanzen vum politesche Ressort Immigratioun, Integratioun an Asylpolitik, müssen an enger transparenter, a **professioneller Haushaltscomptabilitéit** gefouert, an als Informatioun un d'Bierger, fräi aliesbar sinn. Deen immense Käschtepunkt vun dëser politescher Staatsaufgab, muss dowéinst och regelméisseg dem legislativ-demokratesche Prozess zur Analys an Debatt stoen.

Déi Konservativ vertriebe voll a ganz, d'**Recht op Reliounsfräiheet**, déi fräi Selbstbestëmmung a Praxis vu reliéiser Adhesioun, awer och politesche, philosopheschen oder spirituellen Iwwerzeegungen. Et zielt Reliounsgläichwäertegkeet an d'Neutralitéit vum Staat beim Ëmgang mat alle Reliounen, mä och am Wëssen ëm eis kulturhistoresch Verwuerzelung a Prägung duerch d'chrëschtlech-kathoulesch Relioun. Dës Relioun huet hei am Land, hir gewuesse Plaz, déi allerdéngs duerch eis Initiativ fir eng finanziell Trennung vu Kierch a Staat, engem méi gerechte Finanzéierungsmodell ugepasst gëtt. Dës Glawens-, Gewëssens-, a Bekenntnisfräiheet, erfuerdert awer och de vollste **Respekt zum Lëtzebuerger Staatsverständnis- a wiesen**, op Basis vun eiser Verfassung, eise Rechtsstaat, alle kommunalen a nationale Gesetzgebungen, eise okzidentale Wäerteverständnis, souwéi doriwwer eraus, den internationale Mënscherechter. Fir de Schutz vu Staat an Demokratie, muss **aktiv géint reliéisen a**

politeschen Extremismus virgaange ginn. Eise Buedem duerf net zum Anker a Mëttelpunkt, vu Kulturkrich, Anarchismus a Verfassungsfeindlechkeet ginn. Reell Geforen ewéi de weltwäiten Islamismus, de politesche Lénks- a Rietsradikalismus, an aner Extremismen solle keng Chance zu Lëtzebuerg hunn.

☞ Mir sti fir eng **modern a moderat Praktik vu Relioun**, a fir e friddlecht Nieftenaner vu Chrëschtentum, Judentum, Islam, an anere Reliounsgemeinschaften. Am Widdersproch zu engem zäitgemësse Reliounsverständnis stinn awer reliéis Herrschaftsuspréich a Symboliken, extremistesch Priedegten, réckschrëttlech Diktater, oder Imperialismusziler, zum Beispill, wéi se sech duerch e politeschen Islam manifestéieren; als Beispill zielen hei d'Scharia, d'Minarettan an d'Burka. Si sinn inkompatibel mat eisem politeschen an demokratesche Rechtssystem. Dofir triede mir e.a och, fir en **absolut Burka- a Niqabverbuert** an der Éffentlechkeet an. Dëst gesi mir als rechtskonform Erweiterung vum existente Prototyp vum Vermummungsverbuert an d'Uertdeel vum europäesche Geriichtshaff. Och d'Zwangsbestiednis, d'Kannerbestiednis, d'Verwandtschaftsbestiednis oder polygam Familjekonstellatiounen, sinn ethesch a rechtlech, kengeswees kompatibel an akzeptabel. De Krunn vun der Subventioun fir Reliounen oder reliéis-politesch Initiativen a (*Wahl-*)compagn'en duerch d'Ausland, muss gestoppt ginn.

Lëtzebuerg an der Welt



D'Schengenofkommens, dat initial an d'Joer 1985 zeréck datéiert, huet als international Konventioun, der Europäescher Unioun en institutionellen a rechtlechen Kader iwwert d'allgemeng Reesfräiheet vu Persounen an der EU ginn, a sech domat zum Zil gesat, d'Grenzkontrollen op der Bannegrenz vum de Schengennatiounen ofzeschaffen. Op der Récksäit vun der Medaille, prangert awer virun allem d'Fro vun der Sécherheet. Lëtzebuerg brauch en aktiven, effektiven a konsequente Rechtsstaat mat enger top Sécherheitsstrategie, fir Schutz a Sécherheet op Maximumlevel. Dëst ass wichteg fir déi national Sécherheitsgrondlag, d'Verdeedegung vun eiser demokratesch Gronduerdnung, an als Garant vu Fridden a Fräiheet, souwuel banneg, wéi baussen, well: d'Bannen- an d'Bausepolitik sinn ontrennbar un d'Sécherheet gekoppelt.

Schonn an eisem Grondsazprogramm steet: Déi Konservativ sti fir e Staat deen d'Urkompetenz vun der Sécherheet géint in- an auslännesch Geforen a Konflikter, Verbrochen, Gewalt an Extremismus grous schreift. Nëmme esou, kann de Fridden an der Bevëlkerung, d'Stabilitéit an d'Uerdnung garantéiert bleiwen. Dëst ass d'Aufgab vun engem gutt a professionell organiséiertem Staatsschutz aus Arméi, Police, Justiz, Geheimdéngscht, Douane, souwéi dem Matwierke vu Rettungsdéngschter, lokale Gemengebeamten, Securitaiten, an aneren Instanzen am Déngscht fir d'Sécherheet.

D'Sécherheitslag vum Land ass net roseg: Lëtzebuerg schreift Rekordkriminalitéit. De Problem: de Staat kapituléiert, an d'Sécherheet vun eise Bierger steet op Glatäis. Déi lescht Kriminalitéitsstatistike schwätze Bänn – op der Dagesuerdnung sti virop Eegentumsdelikter, Strofdote géint Persounen, Abréck, Déifstall, Drogenhandel, mä och méttlerweil ganz alarméierend Verbrochen, ewéi arméiert Iwwerfäll, Muerd a Vergewaltungen. Dat sinn alles keng Kavaliersdelikter an ongesond fir d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg. Aus der Kriminalitéitslag liest een eraus, datt d'Kriminalitéit sech engersäits inlännesch weist, mä anerersäits, d'Ausländerkriminalitéit, an den Import vu Kriminalitéit, eng grous Problematik ass. Eise Staat muss méi staark, a méi wierhaft, fir seng Rechtsuerdnung an d'Gesetzgebung ginn. D'Politik huet punkto Sécherheet, nach eng ganz Rei Hausaufgaben ze maachen.

Als Partei si mir iwwerzeugt, datt den integrale Verloscht vun der Grenzkontrollen am Joer 1995, ee politesche Feeler gewiescht ass. Als logesch Konsequenz, goufen d'Dieren ze wäit opgemaach, zum Virdeel vu Jänni a Männi, a kromme Machenschaften an zum Nodeel vu Sécherheet, friddlecher Harmonie a Liewensqualitéit. D'Kriminalitéit mécht esou, keen Halt op der Grenz! Esou ass haut d'Fro no méi Grenzkontroll a méi Grenzschutz um Grenzgebitt, nees op der politescher Dagesuerdnung. Parallel zu oppene Grenzen, kommen eng ganz Rei Begleederschéngungen; auslännesch Konflikter, friem Problemer, de weltwäiten Terrorismus, Kulturkampf, an allerlee Integratiounsgedesems.

Mir wëssen ëm d'Gronseile vun der EU, baséierend op der véier Fräiheete vum fräie Persoune-, Wueren-, Déngschtleschtungs-, a Kapitalverkéier. A mir bekennen eis als Partei och zu der Charta vun der Vereente Natiounen an zum gëltege Vëlkerrecht. Et sinn dat wichteg Deeler vun internationaler Vëlkerfrëndschaft, Kooperatioun, an Zesummenaarbecht. Als Partei versti mir eis och, als klassesch liberal Partei mat sozialer Verantwortung – logescherweis mat dem Bekenntnes och, fir eng oppe Participatioun, um Welthandel, un Handelsverträg, an un den ekonomesche Mäert. D'Perspektiv vun der Handelspolitik muss awer ëmmer un der Lëtzebuerger Interessen orientéiert sinn.

Als Partei fuerdere mir och eng systematesch Reform a nei Léisunge fir d'Problemer an der EU – fir datt den europäesche Projet, eng Zukunft huet. Dat mécht eis zu echten Europäer mat Häerz fir d'europäesch Iddi. Fir e gutt Mateneen, muss awer d'Souveränitéit an de géigesäitege Respekt fir d'Memberlänner gëllen, an d'politesch Zentraliséierung souwéi d'Iddi vun ëmmer méi Europäismus, agestallt ginn. Esou hu mir eng ganz Rei Kritiken, a stellen eis eng ganz Rei politesch Froen, fir d'Zukunft vun Europa : Et geet ëm eng Aussepolitik am Respekt, an am Déngscht, fir eis Lëtzebuerger Interessen op internationalem Plang. D'Beméiungen ëm eng respektéiert Aussendipomatie an ee gudden Ëmgangstoun, sinn eng wichteg Prioritéit, fir aussepolitesch Representativitéit als Land. Dësen diplomatesche Stil gouf an der Vergaangenheet, duerch schlecht Politmanéieren, vu rang-héije, Lëtzebuerger Politiker, mat Féiss getrëppelt. Dat gouf gewollt, oder ongewollt, zum aussepoliteschen Imageschued. Fir d'Aussepolitik ass d'politesch Honorabilitéit an d'politesch Staatsmännegkeet, de Schlëssel zum Erfolleg!



Kapitel IV. | Bannepolitik & Sécherheet



✂ Am Zesammenhang mat der Kriminalitéit, gesi mir an alleréischter Linn, eng **gestärkte Police** als wichtigste Garant vu Sécherheet, Disziplin, ëffentlecher Uerdnung a Respekt géintwuer eise Gesetzter a Policereglementer. Eng Investitioun an d'Police, ass eng Investitioun an d'Sécherheet. Esou ass méi Policepräsenz um Terrain an d'Erweiterung vun der Peripherie, eng wichteg Moosnam, déi eis

Partei an d'Weeër leede géing. Mir wëllen de Fokus verstärkt op d'Schwéierkriminalitéit setzen. Fir dëser Aufgab gerecht ze ginn, muss d'Police engersäits entlaascht ginn, anerersäits souwuel personalméisseg, ewéi equipments- a waffentechnesch, eng **Ausrüstung op modernstem Niveau** hunn (*e.a, zielt hei de Standart vu Bodycam, Taser, Revolver, Knëppel, Pefferspray*). Mir sinn iwverdeems fir d'**Legaliséierung vum Pefferspray** als Moyen fir d'Selbstverdeedegung. An dësem Kontext géing, nieft der Policeschoul, och nees e **Joer Militärflicht** fir dëse Beruff zur Ausbildung zielen. Well dësen éierbare Beruff ni ouni Geforequell fir Gesondheet a Liewen ass, soll alle Beamten, Zaldoten, Giischercher, Agenten, souwéi allen éierenamtliche Leit, en **Extra am Loun** zoustoen. Et muss och ee visibelt Identifikatiounsmierkmol mat Numm a Nummer fir d'Beamten op der Uniform agefouert ginn. An eisen Aen ass een eng aktiv Rekrutéierung an een Invest an d'Arméi, eng Erweiderung vum Militärpotential, am Interessi fir d'Verdeedegung, souwéi fir d'bannescht an baussecht Sécherheet.

☞ **D'Proximitéitskommissariater am Déngscht** fir d'Bierger, mussen an alle Gemengen eng fest etabléiert Plaz hunn, a fir de Bierger zu jidder Zäit oppe sinn. Et muss a Matsprooch vun der Gemeng mam Staat, eng lokal a regelméisseg aktualiséiert Analys vun der lokaler Sécherheetslag an entspriechender Personalstäerkt gemaach ginn, souwéi fixéiert Öffnungszäiten, um Gemengenterritoire bestoen.

☞ **De Beruff vum Gemengenagent** soll eng reforméiert Formatioun / revaloriséiert Agenda kréien, nom Genre vum « *Uerdnungsamt* », fir d'Entlaaschtung vu Police, mat Aféierung vun engem Transportvehikel fir hire Service, mä ganz ouni judiciär Kompetenzerweiderungen. Och d'Mathëllef vu pädagogesche Streetworkeren a Quai 57 soll eng aktiv Jugendhëllef sinn, fir Präventiouns- a Resozialiséierungsarbeit. Och méi Sécherheetspersonal am öffentlechen Transport (*Bus, Zuch, Tram, Fliger, a fir eis Iddi Monorail*) muss verstärkt a professionell geschoult, an den Asaz fir d'Sécherheet an d'Kontroll kommen.

☞ D'Poursuite vu Kriminellen, muss duerch **Kameraiwwerwaachung, Alarmanlagen, adequat Beliichtung**, als supplementär Sécherheetsmëttel fir wichteg Plazen a Gebailechkeeten, souwéi fir d'Kriminalitéitsschwéierpunkten, a Consideratioun gezu ginn. Dës Informatiounsressource a Sécherheitsinitiativen sollen awer ni all aner sécherheetspolitesch Moosnamen vun éischer Prioritéit ersetzen. Och d'Öffentlechkeetsfahndung per modern Software an digitale Programmer, souwéi d'd'Mathëllef duerch sozial Medien oder d'Iwwerwaachung am Kader vu kriminellen Aktivitéiten, muss e feste Bestanddeel vun der Policearbeit sinn – d'Digitaliséierung an den Internetworking a Saache

Sécherheetspolitik, sinn hautdesdaags net méi ewech ze denken. Den allgéigewäertege Respekt zum Dateschutz an de Schutz vun der Privatsphär, muss dobäi, zu all Zäit, garantéiert sinn. Et erkläert sech, firwat mir dowéinst, géint d'Viratsdatespäicherung sinn.

☞ Am Sënn vun enger **wierksamer a professioneller Justiz**: A Geriichtsprozesser, soll d'Ukloschrëft säitens dem Staat als éischt verlies ginn, éier d'Zivilpartieën, Ried an Äntwert stinn. Et gëtt just ee richtege Prinzip: Jiddereen ass soulaang onschëlleg, bis d'Schold bewisen ass. All Mënsch ass gläich viru Gesetz a Justiz. Et muss, ganz am Sënn vun eise Rechtsstaat, e Verbuet vu Folterung an Douddesstrof an der Gesetzgebung bestoen. Aus **juristescher Transparenz**, mussen all strof- an zivilrechtlech Uerteeler mat anonymiséiertem Persouneschutz, verëffentlecht ginn an ëffentlech aliesbar sinn. Fir eis gëllt: Afferschutz virun Täterschutz: Am Sënn vum Afferschutz sollen d'Affer, iwwert d'Haftbedéngungen z.B eng fréizäiteger Entloosung oder Resozialiséierungsmoossnamen vum Täter aktuell informéiert sinn.

☞ Mir brauchen e **strengt Stroffmooss fir Falschukloen** oder virsätzlech Falschaussoen (z.B bei *Scheidungsaaffären, sexuellen Accusatiounen oder familiärer Gewalt*), an a sou Fäll, sollen d'Prozesskäschten fir d'Géigepartei gesprach ginn. **D'Affekots- an Gerichtskäschten** (*d'assistance judiciaire*) solle, säitens dem Staat, **gratis a séier fir Mindestlounbezéier** assuréiert ginn. Den Dotbestand vun der « *versichter Kierperverletzung* » (*net just virsätzlech Gefährdung*) gehéiert och an eist Stroffgesetzbuch.

☞ D'Justiz duerf op kee Fall politiséiert ginn, oder e politesche Charakter unhuelen – eis Partei garantéiert d'**Onofhängegkeet an d'Neutralitéit** vun dësem wichtege Pouvoir am Staat. Deemno, si Politiker ausgeschloss fir eng Representativitéit a judiciäre Conseil'en. Et muss eng strikt Gewaltentrennung an eise Rechtsstaat bestoen. **Kee weidere Verloscht vu Liberalitéit** fir eise Rechtsstaat: e.a duerch manner Fräiheete vum Bierger, de Réckschrëtt vu Biergerrechter am Kontext vum Terrorismus, kollektive Generalverdacht, d'Aschränkung vun der Meenungsfräiheet (*garantéiert geméis Art 24. vun der Verfassung*) oder politesche Maulkierf an Zensur (z.B *Mëssbrauch vum Hatespeechparagraph*).



Kapitel V. | Aussepolitik & National Souveränitéit



☞ D'bannescht Sécherheet, mä och d'national Souveränitéit sinn d'Rechtfertegung fir d'Aféierung vu regelméissegen, zäitbedéngten, a punktuellen Grenzkontrollen. Dës müssen an engem **aktive Grenzschutz** nees gewäerleescht ginn, an d'politesch **Neiverhandlung vum Schengenofkommen** lancéiert ginn. Als Partei stelle mir gären de Schutz an d'Verdeedegung vun eise Baussegrenzen nees an enger souveräner Form hir, an zéien d'Linn vun eise Landesgrenzen. Grenzkontrolle sinn eng nationalpolitesch Entscheidung, an domat d'Aufgab, d'Responsabilitéit, an d'Kompetenz vu Lëtzebuerg. E Land ouni Kontroll iwwert seng Grenzen, ass kee souveränt Land.

☞ Als europafreundlech an eurorealistes, mä EU-kritesch an EU-skeptesch Partei, triede mir fir de **Modell vum Europa vun de Natiounen** an. Mir stellen d'Memberschaft als Land an der EU, NATO, OSZE an Eurozon net a Fro, a leenen dowéinst, och d'Beendegung vun der laangjäreger Memberschaft, oder een Austritt op fräiwëlleger Basis of. Trotz dësem Bekenntnes, si mir net méi averstane mat der jëtzege EU op hirem politeschen a wirtschaftleche Wee.

☞ Eng politesch Neiorientéierung muss duerch eng **integral a systematesch EU-Reform** an d'**Neiuordnung vun der Eurozon** an d'Weeër geleet ginn. Et duerf keng weider Vertragsbréch vum Europarecht an Zukunft méi ginn an de wirtschaftleche Kärgedanke vun der EU muss nees am Mëttelpunkt stoen. Ënnert anerem no Benelux, huet sech Europa endgëlteg vum initiale Wee getrennt. Mir wëllen net méi Europa, mä **manner Europa, a méi Lëtzebuerg**.

☞ D'Memberschaft an der EU heescht fir eis, datt Prinzipie wéi d'No-Bailout-Klausel, déi d'Haftung vun der EU souwéi d'Verbëndlechkeete vun alle Membersstaaten fir eenzel Membersstaaten ausschléisst, nees **geltend a respektéiert EU-Recht** no Artikel 125 vum AEU-Vertrag ass. Dëst gëllt och fir d'Regel: Kee Land mat méi wéi 60% Staatsschuld vum Bruttoinlandsprodukt (BIP). Mir triede fir de **Leetprinzip vun der Subsidiaritéit** an, deen d'Haftung an d'Matverschëldung vu Lëtzebuerg fir aner Länner, ausschléisst.

☞ Eis Partei fuerdert datt een direkte **Récktransfer vu wichtege, nationale Kompetenzen** an d'Nationalstaate ageleet gëtt. Eist Kärverständnis vun Europa: Eng international Instanz fir d'Léisung vun internationalen an europäesche Problemer op gemeinsamer Basis an als Instrument fir d'Vernetzung tëscht de Länner bei essentielle politeschen Sujeten.

☞ Et brauch Verhandlungen fir **nei europäesch Verfassung** déi a dréngend a Kraaft triede muss. De politeschen Ëmbau vun der Europäescher Unioun, hin zum Modell Europa vun de Natiounen, geet parallel mam Ausschaffe vun engem neie vëlkerrechtleche Vertrag. De Referendumsnee vu Memberstaaten am Kontext vun der geplangter Verfassung fir Europa (2005) gouf net respektéiert, an d'Bréissler Diktatslinn, quasi identesch, ënnert engem aner Vertragsnumm, dem haut gëltege Lissabonvertrag, ondemokratesch ratifizéiert. Och Lëtzebuerg huet als Reaktioun op d'politesch Erpressung an d'Megacompagne fir d'EU, mat grad emol 56,5% de Vertrag gezwonge guttgeheescht.

☞ Prinzipielle **Stopp fir d'EU-Erweiderung**, virun allem keng a Richtung Oststaaten. Och e strikte **Nee fir de Bäitritt vun der Tierkei** an d'EU an d'entspreechend Bäitrittsverhandlungen op Äis leeën.

☞ Eng **Neuordnung vun der Eurozon**, wou den temporären oder dauerhaften Ausschuss vu failliten, oder héich verschëlte Staaten, ëmgesat gëtt (*als bescht Beispill Griichenland*) ass vu Noutwennegkeet. Dës Staate sollen den Euro als Gemeinschaftswährung opginn, an de **Retuer zu de nationale Währungen** an d'Weeër leeden. D'Eurozon soll opgebaut ginn nom Prinzip vu wirtschaftlech wettbewerbsfäegen a gesonden Ekonomieën. Lëtzebuerg soll zwar weiderhin um € festhalen, mä e **nationale Noutfallplang** ausschaffen, fir den Extremfall vum Eurokollaps, an domat fir eng potentiell Transitionsphase an de Retuer zum Lëtzebuerger Frang.

☞ D'Europäesch Zentralbank (EZB) an den internationale Währungsfong (IWF) sollen d'Boergeld als biergerlecht Fräiheitsrecht respektéieren an keng aktiv Politik fir d'Ofschafung vum liquide Boergeldverkéier duerch Elektroniséierung op all Niveau bedreiwen. Mir si géingt eng ultimativ Kontroll vu Staat a Banken iwwert eise Portmonni. Deemno, si mir decidéiert **géint de Wee a Richtung Banken- an Transferunioun**. Mir wëllen och keng international Schiidsgeriichter fir Vertragsstreidereien oder Schiidsgerichtsbarkeeten bei Verhandlungen.

☞ Als Partei wëlle mir eng solidaresch **Entwécklungszesummenaarbecht mat Kontroll, Effizienz an Intelligenz** – se muss den ekonomeschen Interesse vu Lëtzebuerg gerecht ginn, a Lëtzebuerg muss eng Kontroll an e Suivi iwwert säi Kooperatiounsbudget hunn. Och müssen d'Ausgabe vun der Immigratiounspolitik sech mat an dësem Gesamtbudget verrechnen. Déi finanziell Entwécklungshëllef duerf net als eenzeg Léisung zielen (*kee finanzielle Kolonialismus oder kapitalistesche Ofhängegkeet*), a se soll dem **Mindest-Bruttonationalakomes vu 0,70 %** entsprechen. Lëtzebuerg leescht mat ronn 1 % wäit méi finanziell Entwécklungshëllef, ewéi virgeschriwwen, an ass Spëtzerieder ënnert de Länner. Zuelen aus enger Erklärung vum Kooperatiounsminister vun Enn 2017 weisen: 17,7 Milliounen fir Burkina Faso, 9,8 Milliounen fir de Kap Verde, 16,2 Milliounen fir de Mali, 21,7 Milliounen fir de Niger, 18,1 Milliounen fir de Senegal, 8,5 Milliounen fir Nicaragua, 11,2 Milliounen fir Laos. Dobäi koumen och nach 22,8 Milliounen fir Afghanistan, El Salvador, d'Mongolei, Ruanda, Vietnam, Kosovo, Montenegro, Serbien an déi palestinensesch Gebidder.

☞ Eis Partei wëllt de Fokus verstärkt op eng Praxis um Terrain, also op eng **materiell, politesch a sozial Kooperatiounspolitik** leeën, fir dës Länner d'Chance ze ginn op; Demokratiséierung, Selbsthëllef, Stärkung vun de Mënscherechter, d'Schaafung vun engem wirtschaftlechen Ëmfeld an Ofbau vun der Scholdelaascht,

medezinesch Gesondheetsversuergung, besser Bildung, sozial Déngschtleeschtung, Fluchtursachebekämpfung, de Kampf géint Schlepperbanden, Naturschutz a Landwirtschaft, Opbau vun Infrastruktur, technescher Hëllef a Berodung, asw.

✚ D'Memberschaft an der NATO heescht fir eis, eng gemeinsam **europäesch Verdeedegungspolitik mat Souveränitéitsrecht**, wou mir d'Entscheidungsfräiheet afuerderen bei Froen an Decisiounen ëm d'Oprëschtung an d'finanziell, d'materiell oder d'militäresch Bedeelegung an auslännesche Konflikter, dat heescht, grondsätzlech, leene mir den Asaz vun eiser lëtzebuergescher Arméi fir friem Interessen a Krichsdreiwerei of. Als Partei setze mir op Verdeedegung amplaz op Ugrëff, an setze eis d'office mol fir politesch Diplomatie, **eng staatsmännesch Aussepolitik**, a fir de Respekt vum internationale Recht an. Mir veruerteelen all illegitim, a vëlkerrechtswiddreg militäresch Operatiounen, Manöveren, oder d'Netrespektéiere vum international-gëltege Recht.

✚ Eis Partei setzt op **international Vëlkerfrëndschaft** a Partnerschaft, dat och am Hibleck op de Schutz vu Minoritéiten aus aller Welt, e Prinzip, mat dem d'Partei antrëtt fir d'Rechter vu reliéisen, etheschen a linguistesche Minderheeten. Eis Partei vetrëtt d'Philosophie, datt besonnesch de Kampf géint Antisemitismus zum Schutz vum jiddesche Vollek, d'Unerkennung an d'**Existenzrecht vum Staat Israel**, eng politesch Flicht am Numm vun eisem Land sinn. Mir wëllen als Land e Bäitrag zur Vëlkerverstännegung leeschten, an de Friddensprozess ënnerstëtzen. Hei läit ass besonnesch de Fortschrëtt an d'Beméiunge fir **eng Zwoustaatelésung am Israel-Palestina-Konflikt** um Häerz. Och d'aussepolitesch Relatioun mat Russland als eng alliéiert Partnernatioun, läit eis um Häerz. Mir fuerderen eng **Aussepolitik mat Russland**, amplaz géint Russland, a mat Diplomatie amplaz Sanktiounspolitik.

Mënsch a Liewensqualität



Mir liewen an enger Welt, an där alles, immens séier a komplex ass, an engem Zäitalter, an dem sech positive Fortschrétt, an negativ Feelentwécklung manifestéieren, an där aal ass, wat gëschter nach nei gewiescht ass. An dësem wiesselsäitege Prozess, spillt d'Verantwortung vun der Politik fir d'Schafung an d'Gestaltung vun der Liewensgrundlag vun eiser Natioun.

Wann de fräie Mënsch a seng Matwelt nees am Fokus stoe sollen, da muss gläichzäiteg och d'Liewensëmfeld an d'Liewensqualität stëmmen. Mir wëllen oppe si fir Neies, mä virsiichteg a gewëss an d'Zukunft goen. Mir wëllen dat erhalen, wat erhalenswäert ass, an do dogéint sinn, wou d'Modernitéit an d'Neiheet ze vill ass! Mir müssen d'Géigewart an där mir liewen, mat Réckbléck op d'Vergaangenheet a mat Wäitbléck fir d'Zukunft gestalten.

Eist Liewensëmfeld, souwuel fir eis Mënschen ewéi fir d'Déieren, fir d'Familljen an d'Kanner, muss dowéinst erhale, geschützt a gefleegt ginn. Fir de Mënsch muss d'Mobilitéit der Realitéit Rechnung droen. Do wou Mënsche liewen, do ass vill Bewegung an Aktivitéit. Lëtzebuerg huet vill Chancë verpasst, fir d'Land an d'Leit op de wirtschaftleche Wuesstem ze preparéieren. Eng kleng Natioun wéi eis mat begrenzter Fläch, an där honnertausend Mënsche liewen, an all Dag Dausenden, hei an d'Land pendelen, wou d'Natur Stéck fir Stéck weecht a verschwënnt, an d'Land ëmmer méi zersidelt an zerbaut gëtt, wou d'Globaliséierung op alles a Jiddereen awierkt, wou d'Land sech mol, a luesen, mol a séieren Etappen, oder muenchmol a ganz radikalem Gangart verännert, wou d'Fro sech stellt, wéi gesond ass dës Entwécklung? Wéi fräi ass de Mënsch nach? Wéi steet et mat der Liewensqualität? A wou ass d'Plaz vu Mënsch an Déier an all dem?

Op der Sich no Äntwerten, ass de Sujet vum Transport, d'Fro vum Populationswüesstem, den Déiereschutz an d'Ëmwelt, mä och d'Fräiheet vum Mënsch a seng Bildung, wesentlech Elementer vun der Liewensphilosophie. Mir wëllen eng nei Mobilitéitsiddi op d'Schinn bréngen, eng éierbar Déiereschutzpolitik an d'Liewe ruffen, d'Volleksdemokratie dem Mënsch méi no bréngen, an d'Gesellschaft nees um Fundament vu Wëssen a Wäerter erzéien – eben, de Mënsch am Mëttelpunkt.



Kapitel VI. | Transport a Populationswüesstem



✎ E futuristescht Transportkonzept – de Monorail. Et ass en Deel vun der innovativer Léisung vum Verkéiersproblem, en Deel vun der multimodaler Mobilitéit, an e Verkéierskonzept vu nationaler Mobilitéitsfreed. De Monorail reit sech an d'Rei vum besteende, klasseschen Transport vu Bus, Zuch, Tram, Auto a Vëlo an. E ass eng ideal Vernetzung mam traditionellen Transport an, de mobillen Wee duerch d'Luucht. Sënn an Zweck ass eng Entlaaschtung vun eisen Autobunnen, dem dagdeeglechen Trafic, souwéi den extreme Stausituatiounen. En ass d'Alternativ fir méi Attraktivitéit am ëffentlechen Transport– e moderne Moyen fir d'Lëtzebuerger, awer och fir 180.000 Frontalieren aus dem Grenzgebitt a Richtung Schaff am Grand-Duché. Fir dëse Projet läit eng Etude fir Lëtzebuerg vum GermanRail Group an Zesummenaarbecht mam Privatpromoteur vir.

Eis Partei setzt sech, als eenzeg politesch Partei, decidéiert fir de Projet Monorail a seng reell Ëmsetzung an.

D'Virdeeler vum Monorail;

Punkto **Sécherheet** ass et, eng séier, automatiséiert an iwwerwaachten Transportméiglechkeet ouni Risk fir Entgleisung, Accidenter, Frontalkollisioun oder Behënnerung am Verkéier.

Punkto Ëmwelt ass et, **ökologesch Transportméiglechkeet** mat Energieeffizienz, mat Senkung vun den CO2 Emissiounen, op Basis vun erneierbarer Energie, gerénger akustescher Pollutioun an Ëmweltzerstéierung.

Punkto **ekonomesche Facteuren**, entfalen d'Grondstécksacquisitiounen, et gi keng Entegnungen, alles adaptéier un d'Topographie, geréng Betribskäschten a séier Rentabilitéit, mat positivem Effekt op d'Wirtschaft, Aarbecht an Tourismus.

✚ Den **Ausbau op d'Méispueregkeet** vun eisen Autobunnen, zesumme mam parallele Bau vu **méi Parkraum** am Land, ass eng aner, wichteg Prioritéit. Eis Partei trëtt och fir e **gratis ëffentlechen Transport** an, wou e.a d'Sécherheet duerch eng Kontrollerschaft mat neiem Formatiouns- an Aufgabeberäich bei vollem Lounausgläich, verstärkt am Mëttelpunkt steet. D'Koordinatioun vun der Mobilitéit säitens de Gemengen, mam Staat an de Syndicaten ass eng aner wichteg Moosnam. Och d'Moderniséierung vun de Bus- an Zucharrëten mat elektronesche Schalttafelen an aktualiséierte Fuerpläng, souwéi d'Ubannung u benodeelegt Lokalitéiten, Regionnen oder Plaze, gött der Mobilitéit zäitgeméiss gerecht a suergt fir méi Beweegungsfräiheet.

✚ D'**Brems am Populationswüesstem** ass erkläerten Zil vun eiser Partei. Mir leenen déi deklaréiert Iddi vum 1.000.000 – Awunnerstaat Lëtzebuerg of, a mir si géint déi lwwerbevelkerungspolitik déi de Liewensraum vum Mënsch an Déier nohalteg zerstéiert - géint d'Philosophie vun enger Landesplanung an Urbanismuspolitik ouni Grenzen. D'Pläng fir d'Landesplanung, am Enjeu mat de de Kleng- a Mëttelentreprisen, muss dem Zil vun engem gesonde Wuesstem verschriwwe ginn. Mir sti fir eng seriéis a liewensqualitativ Planifikatioun vum Landesterritoire, a geméis den Analysen déi d'Kapassitéiten, d'Plaz, d'Ressourcen an d'Moyen'en, de Migratiounssaldo asw., a Consideratioun zéien. Ëmsou wichteg ass och, datt déi wëll Bebauungs- an an d'Zersidlungspolitik vun eisem Land gestoppt gött. Lëtzebuerg huet sech déi lescht Joren, demographesch a bevelkerungsgeographesch, extrem séier a radikal verännert; dëst bedéngt eng **Kontroll iwwert de Wuesstemsmodell** an d'Wuesstemspotenz vu Staat a Gemengen.

Och d'Géigephänomen vun der Emigratioun vun eise Landsleit an d'Ausland, ass e reelle Problem – hei muss sech aktiv géint d'**Exilatiounspolitik** engagéiert ginn. Esou dréit d'Politik mat Bléck op e Mangel u Wunnengsmaart an Aarbechtsnout, eng politesch Schold fir d'gezwongen Auswanderung vu Lëtzebuerger an d'Ausland, an och der Delokalisatioun vu ville Betriber an d'Friemt.

✂ Eis Partei fuerdert eng **nei Baukultur mat sozialem Häerz**: Déi wichtegst Moosnam, läit am **Bau vu staatleche Miet- a Sozialwunnengen** a soziale Präislagen. Doriwwer eraus, brauch et eng Reform vun der Grondsteuer (*déi aus der NS-Besatzungszeit 1941 staamt*), d'Befreiung vu Famillje mat Kanner vun der Grondsteuer, d'Eigentumsrecht am Ierfpachtvertrag (*bail emphytéotique*), eng Fräigrenz fir de Privaterwerb vu Wunneigentum, d'Förderung vu betreitem Wunnen a Wunnengemeinschaften, méi sozialstaatlech Hëllef, Vergënschtegungen fir éischt Acquisitiounen, eng Simplifikatioun vu Baurecht a Bürokratie, souwéi eng aktiv Roll vu Staat a Gemengen an Zesummenaarbecht mam Fonds de Logement an dem SNHBM an den Office Social'en. Desweideren ni ouni **nohalteg Prinzipien an der Bau- a Wunnengsmaartpolitik**: allgemeng muss vun Initiativ sinn; Banneverdichtung, Baulückeprogramm, Notzung vu Baulandreserven, Erweiterung vum, an Acceleréierung am Bauperimeter, souwéi de Kampf géint d'Bauterrainspekulatioun an eidel Wunnengen.



apitel VII. | Déiereschutz & Ëmwelt



☞ Déi Konservativ triede fir e **staarken Déiereschutz an**, an domat fir e wierdvollen Ëmgang, mat Léift, a Matgefill fir d'Déierewelt. Deemno fuerdere mir d'Aféierung vun enger Déiereschutzkommissioun am Parlament, d'Verankerung vum Déiereschutz an der Verfassung, souwéi ee **strengt a konsequent Déiereschutzgesetz**, wat Verstéiss géint d'Wierd an d'Ethik vum Liewewiesen, souwéi d'Déierequälerei ënner streng juristesche Strofen stellt. Dozou zielt och, e strikt Verbuet vu sënnslosen Experimenten an de Liewewiesen. Fir d'Erfuerschung vu Medikamenter an d'Teste vu Kosmetika soll Keen als Versuchskännéngchen déngen, mä no aneren Alternativen gesicht ginn. D'Informatioun an d'Kennzeechnung vun Textilien op Basis vun echtem Pelz muss entsprechend Visibilitéit kréien.

☞ Konsequente soll och de Mëssstänn an der Landwirtschaft entgéint gewierkt ginn. Hei militéiere mir fir eng **Aschränkung vun der Massendéierenzucht** an Haltung, souwéi eng obligatoresch Kennzeechnung, géint den Asaz vun Antibiotika, souwéi **fir e rechtskonforme Kader** fir d'Haltung, den Transport an d'Schlechte vun Déieren. D'Mëtteleuropäesch Standarden, setzen eng Schlechtung mat Betäubung an ouni Leed viraus, esou dierf, **keng Récksicht a keng Ausnahm fir Déierequälerei** aus reliéise Grënn bestoen.

☞ Als Garant vun der eenheemescher Aartevillfalt, fir de Schutz vu bedreeten Déierenarten, an d'Protektioun vum natierlechen an aartgerechte Liewensraum, sti mir, aus Déiereschutzaspekter, fir e **Verbuet vu Privathaltung vun exoteschen Déieren**, oder geféierlecher a geféierter Spezies. Dës Déiere solle net zu enger Belustegung oder Alldagsspillsaach vun eis Mënsche ginn. Och d'Präventioun vu Krankheeten, Aartebedroung, oder engem onnatierleche Mentalitéitswiessel, soll esou, entgéint gewierkt ginn. Och déi wëssenschaftlech Iwwerwaachung vun de Bestänn an de Fiicht- an Drëschebiotopen an d'Fërderung vun Aarteschutzprojeten zielt zum Moosnamekatalog.

☞ Mir fuerderen och e **Verbuet vum Wanderzirkus** am Land, wou Déieren d'Affer vu mënschlecher Willkür sinn, a wou regelméisseg, géint eng aartgerecht Haltung verstouss gëtt. Géigendeleg si mir der Meenung, datt Zoo'en mat aartgerechter Haltung, Ëmfeld a Bedéngungen, souwéi engem professionellen Ëmgang, weiderhin Erlaabis an Existenzberechtigung sollen hunn – dëst ka fir Kanner a Schüler, eng léierräich Bildung iwwert d'Déierewelt mat sech bréngen, an d'Entwécklung vun engem déierefrëndleche Geescht a Grondverständnis.

☞ Mir fuerderen d' Aféierung vun engem **Hondsführerschäin** oder enger Hondslizenz fir gewëssen Hondsrassen. Dëst läit am Interessi vu Meeschter, Déier, a Gesellschaft, a schaaft e Bewosstsinn fir d' Sécherheet, d' Ëmgangskultur an de Respekt zum Mupp. Keng Rass per se, als béis Aart veruechtenswäert; oft läit de Schlëssel an der richteger Aart a Weis vun Hondshaltung an Erzéiung. Och d' Bedeegung an d' Efforte vun de Gemengen fir méi Hondsfreundlechkeet ass hei gefrot. Esou sti mir fir d' **Ofschaafung vun der Hondstax** an d' Installatioun vun Hondwisen an Hondstoiletten.

☞ Mat all dese Punkten am Interessi vum Déiereschutz, gëllt awer och, de **Respekt fir d' Juegdwiesen** an d' Juegdfräiheet, ënner Regeln a Normen fir d' Erhaltung an d' Reguléierung an der Missioun vun engem gesonde Wild-Wald-Bestand vun der Forstwirtschaft.

☞ Enk verbonne mam Déiereräich, ass och d' Natur. Esou ass den **Erhalt vu enger intakter Ëmwelt**, d' ierdesch Préservatioun, den Erhalt vu Gréngzonen a natierleche Ressourcen, d' Protektioun vu Flora a Fauna an d' Aarteräichem vun de Wisen, d' Regeneréierung vun der Ëmwelt, d' Propretéit vun eise Flëss, eng generell Récksiicht op d' Biodiversitéit an en aktiven Asaz fir eng propper Ekologie vu wesentlecher Bedeitung.

☞ Eng nohalteg Ëmweltpolitik heescht och, d' Wäertschätzung fir den allëmfassenden Agrarsektor, d' Bauerebetriber, d' Land- an d' Forstwirtschaft, d' Vei- an d' Fëschzucht, de Wäibau, d' Imkerei, den Uebst- a Gaardebau. Mir triede fir een **agrarreformeresche Moosnamekatalog** an, ganz am Sënn, fir d' Stärkung vun vum der **nationaler Agrar- a Landwirtschaftspolitik als vollekswirtschaftleche Sektour**. Den Erhalt an d' Förderung vun eisen traditionellen a nationalen Interessen an der Agrar- a Landwirtschaft ass wichteg- dofir sti mir fir e nohaltegt, qualitativt, produktivt, gesond a verbraucherfrëndlecht Endresultat. Mir si **géint wëll Globaliséierung** a **géint ze vill Bürokratie**, deen d' Liewensfäegkeet, an déi fräi a leeschtungsfäeg Kaderbedéngungen, souwéi den effizienten Asaz vun de Produktiounsmëttel vun eise landwirtschaftleche Familljebetriber schued. Och den Import vu geféierlechen, ëmweltschiedlechen (z.B. *Glyphosat, Insektiziden*), kënschtlech ongewëssen, a genmanipuléierte Produkter aus der Gentechnik, leene mir strikt of, a sti fir déi gesond, biodivers Nahrungsmittelerzeugung, de Pflanzenubau, an eng aartgerecht Haltung vu Notzdéieren. Mir fuerderen eng staark Investitioun fir déi lokal a regional Ubau- an Erzeugungskultur, souwéi eng Direktvermaartung fir ee virbildlechen, lëtzebuergesche Giddersiggel.

Och d'Schafung vu sozialer Sécherheet, souwéi ee soziaalt, landwirtschaftlecht Akommes a Produktpräisser, wëlle mir an d'Weeër leeden.



Kapitel VIII. | Fräiheet & Demokratie



✚ Eis Partei steet fir **méi direkt Demokratie** a Volleksreferenden. Ganz nom Virbild vun der Schwäizer Demokratie, wëlle mir de Vollekssouverän ëm d'Meenung froen, a méi an d'politesch, an d'gesellschaftlech Entscheidungsprozesser vum Land mat agebonne verstoen. Virun allem a wichtege Froen soll d'Parlament d'**Consultatioun per Referendum** aleeden. D'Resultat vum Referendum muss ëmmer decisiv an obligatorescher Natur sinn, an d'Entscheidung vum Bierger respektéiert ginn. Bei esou Volleksentscheeder, muss d'Compagne équilibréiert a fair sinn, dat heescht, datt d'Representativitéit vun alle politesch Lageren ginn a garantéiert ass. De Referendum vun 2015 muss elo strikt respektéiert ginn (*80% mat Nee zum Ausländerwahlrecht, Beschränkung vu Mandatsperiod, a Wahlrecht mat 16*). Mir fuerderen och, datt den initial geplangte Referendum iwwert d'Verfassungsreform kënnt.

☞ **Prinzipie mat Verfassungsrang** – d’Aféierung vum **Streik als biergerlech Ausdrocksform** vu politeschem Protest an Opposition, den **Déiereschutz**, d’**Lëtzebuerger Sprooch** an d’**Gläichstellung vun de Lëtzebuerger Fändelen** ‘Roude Léif’ an ‘Tricolore’ gehéieren endlech, verfassungsrechtlech verankert. Dëst alles kéint, am Kader vun der Verfassungsreform, a Realitéit ëmgesat ginn. Och schrëftlechen oder elektronesch Petitiounen a Manifestatiounen, muss d’Nationalpolitik méi politeschen Intérêt weisen.

☞ **D’Kopplung vu Mandat a Kandidatur**. D’Recht op e politescht Mandat (*Chamber, Regierung, Staatsrot*) soll un d’Kandidatur bei politesche Wahle gekoppelt sinn. Wie ni eng politesch Legitimitéit krut, duerf z.B net an d’Ministeramt beruff ginn. En aktuelle Fall weist: z.B gouf d’Amt vum Finanzminister vun engem net gewielten, a kandidatur-fräie Politiker bekleet.

☞ Eng Reform vum Wahlgesetz betreffend der Schaaung vun engem **landeswäite Wahlbezierk**. Heimat ass d’Parlament politesch korrekt representéiert, an d’Bierger hunn d’Recht op eng Wiel vun hire 60 Lëtzebuerger Deputéiert aus dem ganze Land. Mam neie System wëlle mir eng Gerechtegkeet tëscht de Wahlbezierker an d’Weeër leeden – de Moment sinn z.B d’Bezierker Norden an Osten politesch benodelegt. Och gëtt domat eng ondemokratesch Beschränkung vun eisem fräie Wahlrecht opgehewen. Iwwerdeems ass d’**Verkierzung vun der Legislaturperiod** op 4 Joer fir d’Parlamentswahlen, a fënnf Joer fir d’Gemengerotswahlen, eng méi demokratesch an zäitgerecht Moosnam – 3 Joer Parlamentslegislatur war z.B de Prinzip bis d’Joer 1954 (*mat Ausnahm vun de Krichsjoren*). Mat eis gëtt ee **Retuer zur klassescher Bréifwahl** op de Stand an d’Konditiounen, ewéi virun der Gambiareform.

☞ **Keng Diskriminéierung vu Klengparteien**, Schluss elo! Mat Respekt fir d’Presse- a Mediefreiheet, déi mir als Grondrecht vun eiser Verfassung uechten a verdeedegen, fuerdere mir awer och fir all offiziell politesch Partei am Staat, dat selwecht politescht Recht op Representativitéit an op eng vollwärtig Meenungsfräiheet, z.B fir d’Invitatioun op politesch Ronndeschgespréicher, als Invité an de Studioen vu Radio an Televisioun, oder als demokratesch Optioun a politesche Sondagen. Just esou, bleibt de politesche Meenungspluralismus am Land gewort. Mir fuerderen, aus Neutralitéits- an Objektivitéitsgrënn, datt **keng Konzessionsvertreeg** tëscht Staat an den Zeitungen a Medienorganer vereenbart ginn, an d’Aflossnam vu politesche Parteien, limitéiert gëtt.

Eleng d'Subventionnierungsklausel an d'indirekt Sperrklausel bei der Wahl duerch d'Hondt-Verfahren, si fir d'Klengparteien, ewell genuch politesch Hürden.

☞ D'politesch Paien vun alle gewielte Volleksverrieder, duerch d'Chamberfinanzen, souwéi d'Jetonen an d'Subside fir d'Präsenz an delegierte Gremien, Chamberkommissiounen oder um Niveau vum Schäffen- a Gemengeconseil, awer och de Finanzement vu politesche Parteien, mussen oppen aliesbar, a consultéierbar sinn – och um Chamber-Site. Eng **Transparenz vun de politesche Paien**, an de Suivi vum Steiergeld an dat politescht Finanzement ass e Muss, fir d'Volleksvertrauen an d'Politik.

☞ Eng aner fräiheetspolitesch Measure ass de **fräie Choix**. Esou ass eis Partei **géint d'Fëmmgesetz**, wat an eisen Aen, eng Zwouklassegesellschaft agefouert huet, an d'Caféskultur kapott gemaach huet. Eis Partei géif dëst Diktat, am Respekt fir d'Individualitéit an d'Gemeinschaftswiesen, annulléieren a réckgäנגeg maachen. Fir e gutt Zesummeliewen vun der Gesellschaft gehéiert dës Diskriminéierung am Perséinlechkeetsrecht aus der Welt geschaaft. D'Fëmmgesetz soll op fräier Basis vum Wiert, senger Entscheidung a sengem Commerce stoen. Och eng Ausdehnung vum Fëmmgesetz ënner fräiem Himmel, kënt mat eis net an Tut. Als alternative Kompromëss steet d'Erweiterung vu subventionnéeierte Fëmmespacen. Als nei Alternativ fir d'Arzneimëttelwelt, fuerdere mir iwverdeems, nieft enger wëssenschaftlecher Pharmafuerschung, och d'**Legaliséierung vum medezinesche Cannabis** an de Cannabinoïden op Basis vum Naturprodukt.



Kapitel VIII. | Schoulpolitik

☞ Als Partei sti mir fir eng **fundamental Schoulreform**. D'Schoul ass d'Grundlag fir all Berufsausbildung a Start an d'Beruffswelt - eng Chance op déi eege Liewensverwierklechung. D'Léierkultur an d'Schoulpädagogik muss nees zeréck op **d'Piliere vu Fachwëssen a Leeschtungsprinzip**. Och d'politesch Neutralitéit vun de Schoulen, muss garantéiert sinn. Leider hu vill schoulesch Experimenter, schlecht Reformen, an dat ganz Schoulgedesems am Schoulministär, fir eng ganz Rei verbauten Zukunftsdreem a Berufschancen vun eise Schüler gesuert – d'Schold läit bei der verantwortlecher Politik, déi eng Sabotage um Schoulwiese bedriwwen, an eng Schoul vum Wëssens- a Wäerteverfall an d'Liewe geruff huet.

✚ **E Schoulsystem mat Niveau a Qualitéit** fir Primärschoul, Lycée an Universitéit: De Bildungsoptag läit an der Vermëttlung vu Wësse, Kënnen, a Wäerter. Mir fuerderen d'Enn vum **kompetenz-orientéierten Unterrecht**, dem jëtzege Bewäertungssystem, de Smileyen op der Zensur, de neie Schoulzyklen, ideologesche Projeten an anere Grujelzechkeeten. Och d'**Behiewe vum Enseignantsmangel** ass eng Prioritéit: eng aktiv Sich a Rekrutéierung vu kompetentem Léierpersonal an Erhalt vum traditionellen Enseignantsberuff.


✚ Mir triede fir Bildungsgerechtegkeet a géint Gläichmaacherei an – an dat as och de Schlüssel zum Erfolleg! D'Bildungswonner Finnland beweist: D'Land steet, geméis den OECD-Pisastudien, regelméisseg op Plaz 1 vum Podium. Mir wëllen eng lescht, mä effikass Reform a Richtung vun dësem Schoulmodell. De Bildungserfolleg erkläert sech un dräi Fakten:

Bildungsgläichheet, dat heescht, eng allgemeng Bildung fir Jiddereen an zousätzlech Förderbildung fir Léierschwierigkeeten. De Schoulsystem interesséiert sech fir **de Mënsch am Schüler** – nieft der akademescher Leeschtung, zielt d'Individualitéit an d'Personalitéit. De soziale Background entscheet net iwwert d'Bildungschancen. De Staat setzt op **gratis Léiermëttelfräiheet**. Mir maachen éischt Schrëtt a soen: gratis Schoulmaterial, gratis Participatioun bei alle Schoulaktivitéiten (*inklusiv d'Schnéiklassen*), d'**Ofschafe vun de Studiegebühren (an ouni Urecht fir Frontalieren)** souwéi Schluss mat de Kierzunge vun de Studiegelder.

D'Kommunikatioun, den Austausch an d'Zesummenaarbecht vum Léierpersonal mateneen, zielen als wichteg Viraussetzung fir d'Schafe vun engem qualitativem a professionellem Unterrecht. E genre, wéi een an der Pilotesprooch soe géing, vu **Crew Ressource Management** fir d'Schoul.

Wéineg Hausaufgaben nieft der Léierkultur an de Fokus op méi Spaass, virun allem fir Frënn a Fräizäitaktivitéit. Fir de Schüler gëtt et eng **Ëmorganisierung vun der Vakanzzeit**: Esou gëtt aus 1 Woch vun der Sommervakanz, 1 Woch fir d'Päischtvakanz. Mir sinn och fir den Erhalt vum schoulfräien Dag fir d'Sprangpréssessioun.

✚ Als Uschloss un d'Enn vum schoulesche Werdegang, soll en **obligatorescht Militär- oder Zivildéngschtjoer**, d'erwuesse Jugend, op d'Beruffswelt virbereeden. Et soll iwwerdeems mat enger Jorespai entlount, an als Pensiounsjoer ugerechent ginn. Esou kritt d'Jugend, e bessere Fouss an d'Beruffswelt a mécht och per se gutt um Curriculum Vitae.



Kapitel X. | Gesellschaft a Familljewiesen

☞ Déi Konservativ triede fir d'**Famill als Gesellschaftswuerzel** an. D'Definitioun vun enger Famill, ass an eisen Aen, d'fräi Gestaltung vun enger op Léift opgebauter Liewensgemeinschaft tëscht zwou erwuessene Persounen. D'Partei gesäit souwuel an der **traditionell-klassescher Famill** vu Mann a Fra als Idealbild, ewéi och am **avantgardistesche Liewensmodell** vun zwou Persoune vu selwechtem Geschlecht, d'Interesse vu konservativem Familljeliewen erfëllt. Déi Konservativ ënnerstëtzen d'Léift, d'Familljegrënnung an d'Liewe vu Familljewäerter, als eng urkonservativ Eegeschaft. Deemno, sti mir souwuel fir d'Unerkennung an d'Bestiednis vun hetero- an homosexuelle Mënschen, de Pacs an d'Bestiednis mat de gläiche Rechter, Flichten, a Besteuerung.

☞ D'Partei steet iwverdeems och, fir **politesch Familljenënnerstëtzung** a fir de gläichberechtegten a fräie Choix vun der Kannererzéiung –am klassesche Modell vun der Kannererzéiung doheem, oder der Mathëllef vu privaten a staatleche Strukturen (*d'Ophutt vu Staat oder Gemeng, Crèchen, Précocen, Dagesmammen*). Mir wëllen de Fokus verstärkt op de « *Beruff* » Mamm a Papp leeën, fir d'Kannererzéiung vum Eltrestot, mat engem ugeméissen **Erzéiungsgeld** (*a mat Pensiounsurecht*). Esou soll och, Kannerräichem an d'Gebuerterat ënnerstëtzt ginn, fir de Fortbestand vun eiser Natioun. D'Politik muss iwverdeems, eng **Indexéierung vum Kannergeld** un d'Lounentwécklung maachen. Fir Wittleit, Elengerzéiend, a Leit iwver sechzeg Joer, soll d'Steierklass 1A ofgeschafft ginn. Mir stinn och, fir den Eltrecongé vun zéng Deeg.

☞ Déi Konservativ sti fir d'**Gläichberechtegung vu Mann a Fra** mat Verweis op déi natierlech Ënnerscheeder tëscht de béide Geschlechter an den Erhalt vun deenen zwou Geschlechtsidentitéiten. Konsequent si mir also **géint Positivdiskriminéierung** an all senge Formen, duerch Quoteregulungen oder géint eng lénkspolitesch Agenda mat arbitrale Geschlechter oder anere Geschlechtsidentitéiten, wéi z.B déi drëtt Geschlechtsvariant « *onspezifesch* », déi an d'Zivilregëster agefouert gi soll. Am Kader vum Scheedungsrecht, muss d'Roll vum Mann opgewäert ginn.

☞ **D'Grundlag vun eise Kanner;** d'Elterenerzéiung als Wäertekodex, an d'Schoulpädagogik als Wëssensverméttlung – e Lien tëscht Elterenhaus a Schoul. Et ass d'Aufgab géintiwwer eise Kanner, si zu fräie, selbstbestëmten, an demokratesche Bierger vun der Gesellschaft ze maachen. D'Kanner an d'Jugend solle gesellschaftlech Wäerter mat op de Wee huelen: Manéieren, Ethik, Moral, Respekt, Integritéit, Humanismus a Liewensoptimismus. Fir een erfollegräicht Liewe vun all eise Kanner an der Gesellschaft, ass d'**Gemeinschaftsethik** an d'Solidaritéit matenee wichteg. D'Wuel vun der Gesamtgesellschaft, läit awer och am **Respekt fir d'Individualitéit** vu Jidderengem. Eis Partei steet fir d'Bridderlechkeet a géint Diskriminéierung.

☞ Eis Partei besteet fir d'**Aféierung vun engem Insolvenzverwalter** an Insolvenzzentralregëster an d'Gesetzgebung vum Insolvenzrecht. Betriber déi Konkurs umellen, sollen ënnert d'Opsicht vun engem Insolvenzverwalter gestallt gi mat der Chance op eng ee-järeg Beweischance fir d'Bezuelfäegkeet. De Betrib verflucht sech, en héchstméigleche Prozentsatz u Nettoscholden, innerhalb vun engem Joer, zeréck ze bezuelen. Am Fall wou dës Oplag erfëllt gëtt, soll de Betrib fënnef Joer laang ënnert Opsicht vum Insolvenzverwalter weider gefouert ginn. Huet de Betrieb 70% vu senger Nettoscholde regléiert, gëllt dësen als iwweiliewensfäeg an domat nees als konkursfräi. Am Fall wou dës Oplag net erfëllt gëtt, soll de Konkursverwalter, zesumme mam Betriebspersonal an der ADEM, iwwert d'Zukunftsperspektiven, d'Weiderbeschäftegung an d'Reintegratioun op den Aarbechtsmaart no der Insolvenz beroden. Et geet awer och net, ouni eng **aktiv Politik géint d'Bedréierei an d'Trickserei**.

☞ Fir déi Konservativ ass ee sozialen, solidareschen a leeschtungsgerechte Steiersystem wichteg. Mir si fir eng **sozialgerecht Steierpolitik a raisonnabelt Taxeverständnis**, mat sou mann wéi méiglech Steiererhéijungen, beschtens kenge nei Steieren, dem Erhalt vun engem gesonde Statusquo, an am Fall vu gudder Wirtschafts- a Finanzlag vum Staat, Steierreduzéierung. Mir si fir d'Ofschafung vun der Hondstax, Reewaassertax, d'Plusvalue op der Ierfschaftssteuer (*direkt Linn*) a Krisesteier, géint eng Zockertax, fir d'Neiverhandlung vun den Dreckskëschttaxen, d'**Réckgängemaache vun der TVA-Erhéijung**, a géint d'Erhéijung vu Gewer- a Grondsteier fir d'Iwwerliewe vun eise lokale Butteker, Caféen, Zeitungskiosken, Foussgängerzonen, bref, alle Kleng- a Mëttelbetriber.

☞ Och den **Erhalt a Garant vum Pensiounssystem**, éierbar Renten, souwéi d'Rentegerechtegkeet am privat- an öffentleche Secteur, sinn d'Spiegelbild am Respekt vun enger Gesellschaft mat Recht op gerechte Liewensverdéngscht. De Moment steet d'Fro vum Erhalt oder Zesummebroch vum Pensiounssystem am Raum an d'Iwwerliefbarkeet vum Sozialstaat a Fro. Eis Partei seet: Et duerfe **keng Rentekierzungen a kee Renteklau** um politesche Programm stoen. Mir fuerderen eng sozial gestaffelt Besteuerung vun de Renten, a **Steierfräiheet op bis zu 4000€** Rent. Am Fall wou e Partner ewech fällt, muss d'Pensioun weiderhin, 100% garantéiert bleiwen an ouni Reklasséierung. Allgemeng muss de Finanzéierungsmodell, deen u Populatiounswuesstem an Immigratioun gekoppelt ass reorientéiert ginn.

☞ Déi Konservativ maache Politik mat **sozialem Häerz**, an triede fir den Erhalt an d'Ëmsetzung vum Sozialsystem, dem Sozialversécherungssystem a fir d'sozial Solidaritéit an. De Prinzip vun der Solidaritéit gëllt besonnesch an der Hëllef, Begleedung a Berodung fir de Mëttelstand an d'Klengbiergertum, souwéi déi sozial schwach Mënschen, déi mat oder ouni Grond, zum Sozialfall ginn oder d'Chance am ekonomesche Konkurrenz- a Wettbewerb verpassen. Gläichzäiteg, kämpfe mir **géint de Mëssbrauch vum Sozialsystem** duerch schwaarz Schof oder duerch d'Migratioun an d'Sozialsystemer. D'Partei steet fir de **System vum Index**, d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, e fairen a **liewensgerechte Mindestloun a Chômage** an e streng kontrolléierte Revis (*RMG*) als Solidaritéitsfong. Als Garant vum System, steet d'Partei fir eng **gerecht Sozialschéier**, déi den Ënnerscheed tëscht Schaffen, net schaffen a Refus, kloer regelt – dofir brauch et een aktive Kampf géint RMG-Sozialtourismus. Mir fuerderen iwwerdeems, d'**Erhéijung vum Mindestloun ëm 9%** an d' Aféierung vun Zäitspuerpläng fir de Staats- a Privatsektor. Mir stinn och fir d'**Ofschafe vun der « 80/80/90-Paieregelung »** beim Staat a géint d'Internationaliséierung vum öffentlechen Déngscht, dat heescht, fir den Erhalt vu Sprooch a Nationalitéit als wichteg Konditioun. Als sozial Partei si mir géint sozial Ausbeutung, dat heescht, e.a géint eng Liberaliséierung vun den Öffnungszäiten am Commerce. Am Zesummenhang mat de biergerleche Fräiheeten, steet och **d'Recht an de Schutz fir Kapital an Eegentum**, esou muss de Schutz vun der Proprietéit, dem Eegentum an Eegekapital geséichert bleiwen, a Jiddereen d'Recht op finanziellen, a materielle Besëtz hunn. Et ergëtt sech d'**Grondrecht op Aarbecht**.

✂ Aner **sozial Politikinitiativen**: d'Beendege vum Mëssbrauch vun CDD-Kontrakter an der Beruffswelt. Mir fuerderen iwverdeems och d'Aféierung vun enger staatlecher a sozialer Vollekskichen a Sozialbuttéken, an Zesummenaarbecht mat Hëllefswierker an Asbl'en, wéi z.B d'Stëmm vun der Strooss, de Street Angels an aneren, a Solidaritéit mat der äermster Gesellschaft am Land. Och sti mir fir d'Aféierung vum « **Tiers payant** », e Prinzip, dee souwuel fir Dokter ewéi Patient, manner Bürokratie an eng entscheidend Verwaltungssimplifikatioun ass, a fir de **Prinzip vun der « 78-Woche Regel »** am Krankheetsfall. Och setze mir eis fir den **Erhalt vun de « Cours-Sortien »** an der Fleegeversécherung an. Eis Partei steet zum Prinzip vum Grondrecht op proppert Waasser. Mir si fir ee **sozial-gestaffelte Waasserpräis** mat Aféierung vun engem eenheetleche, gratis Waassersockel op Gemengeniveau.

déi Konservativ

Une nation luxembourgeoise forte.

Plus de démocratie et de référendums populaires.

Modèle de l'Europe des nations.

Avec coeur pour la langue luxembourgeoise.

Un état de droit démocratique exemplaire.

Renforcement de la liberté de l'Homme.

Fierté pour notre histoire patriotique.

Priorité: Finances publiques saines.

La famille au coeur de la société.

Respect pour l'être humain, la vie et la nature.

Droit à la propriété, au capital et au travail.

Une économie sociale et libérale.

Des bases de vie socialement justes.

Vivre un code de valeur.

Sécurité au niveau maximum.

100% d'intégration au lieu du multiculturalisme.

Un frein dans la croissance démographique.

Un concepte de transport futuriste: le Monorail.

www.déikonservativ.lu | info@déikonservativ.lu | 661 91 07 17

3, op de Gehren, L-4888 Lamadelaine

déi *K*onservativ



www.déikonseerv

matgroesse

Merci

